

Rapport vun der 3. Alter-Kommissioun

04/2021

Presenzen

Present	Net present
KOEDINGER Robert	CARDOSO Suzana (ass net méi z'erreechen)
MATHEKOWITSCH Claude	WELTER Isabelle
RUEF Seth	
RUEF-VOGT Liselotte	
SCHARLÉ Corinne	
VOSMAN-KIEFER Diane	

Ordre du Jour

1. Approbatioun vum Rapport 03/2021
2. Rapport Forum 3ten Alter zu Walfer
3. Äentwerten/Réckmeldung vun der Gemeng op ons Froen
4. Patrimoine vun onser Gemeng
5. Propositionen fir 2022
6. Divers
7. Prochaine Réunion

Punkt 1 : Approbatioun vum Rapport 03/2021

- Approbatioun vum Rapport 3/2021 --> Ok fir offiziell op den Site vun der Gemeng ze verëffentlechen

Punkt 2 : Rapport Forum 3ten Alter zu Walfer

- Op de Januar verluecht -> Rapport iwwert den Forum an der Spéngel. Da kann all Kommissiounsmitglied deen schons virun der nächster Versammlung liesen 😊

Punkt 3 : Äentwerten/Réckmeldung vun der Gemeng op ons Froen

- Mail vun dem Schäfferot mat folgenden Proposen:
 - Filmowender mat Budget an Devis'en présentéieren -> mir kënnen keen Budget opsätzen? Mir froen 2 Devis'en un fir 2 ënnerschiddlech Datumen awer ouni een Datum virzeginn (vue situation sanitär aktuell!)
 - Séance d'information mat konkrete potenzielle Partner an Devis -> gétt am Januar gekuckt an Proposen eragereecht
 - Propositioun fir een Ausfluch mat konkrete potenzielle Partner (intergenerationnel) an Devis'en -> mir denken dat intergenerationnel Partner, vue déi aktuell sanitär Situatioun net méiglech wäert sinn, genee wéi een Ausfluch ze plangen
 - Sammlung vun den Informatiounen déi ärer Meenung no interessant wieren a Form vu Brochure ze verdeelen -> kucken an der nächster Versammlung
 - Iwwerleet lech och nach villäicht reegelméisseg ee klengen Informatiounsartikel an de Buet ze sätzen -> et kéint een eng Kuerzfaassung vum Bericht vun der 3.Alter-Kommissioun an de Buet verëffentlechen, zumools wa mir eng Sammlung vun interessanten Informatiounen an enger Brochure sollen erausbréngen
- Mir kruten vum Tanja d'Alterspyramid gemailt

Punkt 4 : Patrimoine vun onser Gemeng

- Kucken dat nächst Joer ☺

Punkt 5 : Propositionen fir 2022

- **Virschléi fir Projeeën fir 2022**
 - Filmowender :
 - zu Téinten am Koschteschbau
 - net méi wi 25 Léit
 - keng Entrée
 - Méiglechkeet fir eng Taass Kaffi an een Stéck Taart a Waasser ; evt. nach Breidercher ubidden
 - Et kaascht 150€ fir z'erlaaben fir ze weisen - Lizenz

- Internet-Workshopen : BESECURE / eBanking
 - ABBL hält gratis Formatioune iwwert den E-Banking, wou d'Léit erklärt kréien wéi di eenzel Schrëtter sinn a wou een wat fir een Dokument fënd
 - Token gëtt nächst Joer ofgeschaaft an et gëtt alles iwwert eng App op engem Smartphone -> och dëst kéint problematësches fir eeler Léit ginn
- Testament :
 - wat si meng Rechter ? Wéi setzen ech een Testament op ? Wéi kann ech eng Donatioun maachen ? -> mir froen een Devis bei engem Jurist, well mir kënnen keng jurëstesche korrekt Erklärungen dozou ginn
- Fleegeversécherung :
 - een vun der CNS komme loossen fir den eelere Léit erklärt wat si zegutt hunn an ufroen dierfen a wéi Demande ausgefëllt gëtt (gratis)

Punkt 6: Divers

- Mir apprécieieren de Gest "50€/Kommissiounsmitglied fir lessen ze goen", profitéieren awer dëst Joer, vue déi aktuell Situatioun, net dovun. Géifen eventuell awer nächst Joer dovu profitéieren.
- Kommissioun denkt dat et méi flott wier fir een lessen mat deenen aneren Kommissiounen zesummen z'organiséieren. Dëst kéint immens interessant sinn 😊

Punkt 7: prochaine réunion

- **Ordre du jour:**
 - Approbatioun vum Rapport 04/2021
 - Forum 3ten Alter
 - Masterplang vun der Gemeng
 - Projeeën
 - Divers
 - Nächst Versammlung
- Mir treffen ons déi nächsten Kéier den **Méindes ... Februar 2022 um 19h00 zu Bruch an der Koll** -> à voir selon situation sanitaire